

## Evangelium vum 18. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

### Lk 12,13-21

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*

A. *Dir all Eier, Här.*

- 13 Ee vun deene ville Leit, déi do waren, huet zum Jesus gesot:  
"Meeschter, so mengem Brudder,  
hie soll d'lerfschaft mat mir deelen!"
- 14 De Jesus huet him geäntwert:  
"Mäi léiwe Mann, wien huet mech dann agesat,  
fir Riichter iwwer iech ze sinn  
oder fir d'lerfschaft ënner iech opzedeelen?"
- 15 Du sot hien zu hinnen: "Passt op  
an hitt iech virun all Geieregkeet,  
well och wann e Mënsch am Iwwerfloss huet,  
hänkt säi Liewen net vun sengem Besëtz of."
- 16 An de Jesus huet hinnen e Gläichnes erzielt:  
"Engem räiche Mann seng Stécker hu vill Fruucht gedroen.
- 17 Duerfir huet hien iwwerluecht an sech gefrot:  
'Wat soll ech maachen,  
well ech hu keng Plaz méi,  
wou ech meng Fruucht ënnerdaach brénge kann?'
- 18 Du sot hien sech:  
'Esou maachen ech et: Ech rappe meng Scheieren of,  
an ech baue méi grousser;  
do bréngen ech dann all mäi Weess an all meng Gidder ënnerdaach,
- 19 an da soen ech zu mir selwer:  
Du hues hei vill Gidder leien, fir e sëllege Joren;  
Rascht elo, iess, dréink  
a looss dir et gutt goen!'
- 20 Den Herrgott awer sot zu him: 'Du Eefalt!  
Nach an dëser Nuecht gëtt deng Séil vun dir zrëckgefrot,  
a wie kritt dann dat, wat s du opgekéipt hues?'

21 Esou geet et deem,  
dee fir sech selwer Schätz unheeft,  
amplaz virum Herrgott räich ze ginn."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A. Dech, Christus, luewe mir.*